



► **M. Eugène Berger** (DP).- Ech wollt just nach eng Kéier rappeléieren, datt dëse Projet, dee situéiert sech jo an déi ganz Efforten, fir an deem grouss Kader vum Klimaschutz, dat heescht vill méi och eng grouss Eraufuerderung, déi dat fir eis ass, de Klimaschutz. An dat heescht jo, wa mer Klimaschutz soen, heescht et virun allem CO₂-Emissiounen ze reduzéieren.

Mir hunn den internationalen Accord, de Kyoto-Protokoll, wou jo eng Rei juristesche contrainant Ziler ageschriwwen gi sinn, wou eng Rei Länner op der Welt sech mussen drunner halen. Et ass awer esou, datt am Kyoto-Protokoll d'Emissiounen vum de Fligeren, déi awer e wichtege Deel vum CO₂-Rejet ausmaachen, datt déi net an deem Protokoll abegraff sinn. An et ass jo och esou, datt nach Diskussiounen sinn, fir en Nofolger-Protokoll vum No-Kyoto auszeschaffen. Ënner anerem wäerten elo Enn des Joers zu Cancún dann do vläicht Neel mat Käpp gemaach ginn. An et ass och ze hoffen, datt dann an deem Accord, wann en zustane kënn, och géifen d'Emissiounen vum de Fligere mat abezu ginn.

Europa, déi säit Laangem, ech géif soe praktesch vun Ufank un, ëmmer de Lead an dem Klimaschutzdossier haten, sinn awer schonn e Schrëtt méi wäit gaangen. Se hunn net déi international Diskussiounen, Konferenzen ofgewart, a si hunn also elo, d'Kommissioun huet hei eng Direktiv virgeluecht, fir dann och d'Fligeremissioune mat anzebezielen an de Quotenhandel.

Ech wëll einfach hei soen, datt mer deem Prinzip kënnen zoustëmmen, well och d'Demokratesch Partei an hirem Wahlprogramm déi Propos gemaach hat. Mir kënnen also där Direktiv zoustëmmen; mir kënnen och also deem Projet de loi hei zoustëmmen.

Ech wëll och soen, datt déi Ängschten, déi jo nach bestinn, datt doduerj eventuell Wettbewerbsnodeeler géifen entstoën, ënner anerem fir d'Europäer, datt een déi net ka gëlle loosse, well jo ënner anerem och déi Fligeren aus zum Beispill Amerika, aus Asien, alleguerten, déi hei op den europäesche Flughäfen landen, datt déi jo dann automatesch mat abezu ginn an déi Direktiv praktesch, an dee Quotenhandel, datt dat also och e positiven Aspekt ass, well mer awer duerch eng europäesch Direktiv praktesch global hei op eng gewëss Aart a Weis agéieren. Ech wollt dat eigentlech ervirsträichen.

Ech mengen, ech ginn net an d'Detailer an, ech wëllt dem Rapporteur einfach Merci soe fir deen ausféierleche Rapport, deen e gemaach huet.

Vläicht eng, zwou Remarquen zum Schluss. Wat vläicht e bësse bedauerlech ass, mä et ass awer elo net d'Schold vun der Regierung oder vun der Kommissioun: Et konnten nach keng ganz kloer Zuele virgeluecht ginn, wat dat fir déi Lëtzebuergesch Fluggesellschaften bedeit, well do nach d'Kommissioun muss déi eng oder aner Rechnungen maachen. Et wär jo awer interessant gewiescht, et wär gutt gewiescht, wann ee genau gewousst hätt, wann ee virun allem fir d'Luxair oder d'Cargolux hei hätt kënnen soen, dat bedeit an Zukunft esou vill Emissiounen manner, respektiv och finanziell, wat dat eventuell fir déi Gesellschaften kéint bedeiten.

E leschte Punkt, deen ech ëmmer erëm soen, wann nei Direktive kommen: Am Domän vum Environnement muss een och bedenken, datt dann nei Aufgaben op d'Verwaltungen zoukommen, an ee sech also och bewosst muss sinn, datt hei eventuell an Zukunft och zousätzleche Personalbesoin usteet, fir dann all déi Direktiven och am Klimaschutzberäich kënnen hei zu Lëtzebuerg effizient ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci a brénge wéi gesot den Accord och vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. le Président.**- A Merci och dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Très bien, Här Berger!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir seng gutt an ausféierlech Rapporten. Et ass absolut richtig, dass de Flugverkéier mat agebonne gëtt an den europäeschen Emissiounshandel. Generell huet den Transport e groussen Undeel um Verbrauch vum de fossilen Energien, an et ass e wichtege Facteur, wann et ëm den Afloss vum Mënsch op de Klimawandel geet.

Mir hunn eis souwuel um internationale wéi um nationalen Niveau verbindlech Ziler gesat, fir d'Emissiounen vum Zäregaser ze reduzéieren. Den Emissiounshandel ass dobäi en Instrument, dat et erlabe soll, an engem geregelte Kader no an no den Drock ze erhéien op d'Secteuren, déi héich Emissiounen hunn.

Et gëtt kee Grond, fir de Flugverkéier aus esou engem System erauszeklamieren. Wéi héich den Impakt vum Flugverkéier op de Klimawandel par rapport zu anere mënschlechen Aktivitéiten ass, ass net sécher. D'Schätzungen dozou, déi ginn ausernee. Sécher ass awer, dass de Flugverkéier an deene leschte Jorzénge enorm zougeholl huet a wahrscheinlech am selwechte Rhythmus weider wuesse wäert.

Um europäesche Plang goufe grouss Ustrengungen ënnerholl, fir d'Emissiounen vum den Zäregaser ze reduzéieren. Mir wëssen, dass d'Ziler, déi sech d'Europäesch Unioun gesat huet, eleng net wäerten duergoen, fir de Klimawandel an erdréigleche Grenzen ze halen. Doriwwer erass risikéier mer och, dës Ziler net ze erreechen. An deem Kontext kann een net einfach akzeptéieren, dass e Sektour mat staarkem Wuesstum wéi de Flugverkéier d'Efforten, déi mer an anere Beräicher maachen, esou ausgläicht, dass mer um Enn kee Fortschrëtt erreecht hunn.

Et ass bedauerlech, dass mer et net fäerdeg bruecht hunn, e weltwäiten Accord ze fannen, wat d'Emissiounsrechter fir de Flugverkéier ugeet. Et ass richtig, dass d'Europäesch Unioun och ouni en Accord deen éischte Schrëtt awer elo an déi do Richtung mécht.

De Fait, dass d'EU dëse Schrëtt als Éischt mécht, bréngt natierlech op där anerer Säit och ekonomesch Risikoe mat sech. D'Konsequenze vun der neier Regelung muss ee genau evaluéieren. Et dierf net zu Wettbewerbsverzerrungen an der EU kommen, an et muss een och am A behalen, ob den Emissiounshandel Delokalisierung mat sech bréngt.

Den Emissiounshandel soll d'Flugesellschaft belounen, déi a modern energieeffizient Technologien investéieren, an net dozou féieren, dass déi pollutant Fligeren op Flughäfen ofwandere, déi ausserhalb vun den EU-Grenzen operéieren. Et muss een d'Auswirkunge vun der Emissiounshandelspolitik genau iwwerwaachen a gegebenenfalls änneren, wann et net zu deene gewünschte Resultater hei kënn.

Här President, wa mer de Wuesstumstrend am Sektour vun der Aviatioun net wëlle bremsen, da mussen all eis Effort sech drop ausrichten, dass méiglechst energieeffizient modern Fligeren an den Asaz kommen. Domat léisst sech den Impakt vum Flugverkéier op de Klimawandel zwar reduzéieren, mä ob dat duergeet als Bäitrag zu eise Reduktiounsziler, steet op engem anere Blat.

Här President, als Konklusioun wëll ech festhalen, dass d'LSAP et begreist, dass de Flugverkéier an den Handel mat den Emissiounsquoten agebonne gëtt. Ob dësen éischte Schrëtt um Enn wierklech dozou bäidreit, fir de Klimawandel ze bekämpfen, wäert vum politesche Wëllen ofhänken, vum politesche Wëllen an Europa, eng Virreideroll ze iwwerhuelen, a vum politesche Wëlle vun anere Länner, fir mat an d'Klimaboot eranzeklammen.

Domat ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Negri. Ech hunn elo kee Riedner méi, deen ageschriwwen ass, da kritt nach den Nohaltegkeetsminster d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*-

Merci, Här President, just ganz kuerz och, fir dem Rapporteur an der Kommissioun Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. An ech si frou, datt mer esou eng grouss Zoustëmmung fir dësen Text hunn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6114 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Elo komme mer zum Projet de loi 6056 iwwert d'Fluglotsen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

6. 6056 - Projet de loi relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee mam Auto queesch duerch Europa fiert, mat Ausnahm vum Diddeleng fënnt een néierens méi eng Douane, wou een ugehale gëtt a wou moies esou e Stau ass oder owes e Stau ass. Fiert een awer mam Fliger, esou ass dat e bëssen anescht, well fir de Loftraum, wann ee vu Lëtzebuerg op Roum flitt, ass all Kéiers eng aner Kontrollanstalt zoustänneg fir déi Loftauto-bunnen, déi mer hunn. Mä dat wiesselt all Kéiers vun der nationaler Kompetenz, an do muss ee sech all Kéiers of- respektiv umellen, wann een op en anert Land, en aneren Territoire erakënn. Duerfir ass et och wichtig, dass mer et fäerdeg bréngen, en eenheetlecht europäesch Loftfahrt-konzept ze kréien.

Wéi Der wësst, koordinéiert ëmmer déi jeeweileg Flugsécherung d'Bewegungen

um Himmel. Duerfir huet och all Land an dësem Beräich seng eege Regeln a Prozeduren. Dat gëllt och fir d'Fluglotsen, déi derfir suergen, dass d'Fligeren um Himmel bleiwen an dass se net grad do Accidenter kréien.

Dës Strukturen iwwert d'Gestioun am europäesche Loftraum sinn awer net méi zäitgeméiss. D'Europäesch Unioun huet dat och erkannt an 2004 beschloss, en eenheetlechen europäesche Loftraum ze schafen, mam Zil, d'Sécherheet vum Loftfahrtverkéier souwéi d'Kompetenze vun de Leit, déi an dësem Beräich schaffen, ze verbesseren.

Zur Ëmsetzung vum eenheetleche Loftraum gehéiert och d'Aféiere vun enger europäescher Fluglotselizenz. D'Schafe vun esou enger Lizenz ass den Objet vun der Direktiv 2006/23/CE vum 5. Abrëll 2006, déi mir haut de Mëtteg oder besser gesot haut den Owend duerch dëst Gesetz, wat nach vun der viregter Regierung kuerz virun de Wahlen déposiert gouf, an nationaalt Recht ëmsetzen. D'Direktiv couvréiert all Fluglotsen; och déi, déi am Stage sinn.

Fir déi beschtméigleche Sécherheets-niveauen an der Loftfahrt ze erreechen, ass et wichtig, dass souwuel d'Zougangs- wéi och d'Ausübungsbestëmmunge vum Beruff vun de Fluglotsen um europäeschen Niveau harmoniséiert ginn. D'Festleeë vun de Kompetenznormen an déi géigesäiteg Unerkennung vun de Fluglizenzen an der ganzer Unioun verbesseren zousätzlech d'Zirkulatioun an d'Disponibilitéit vun de Fluglotsen. Ausserdeem dréit déi europäesch Fluglotselizenz dozou bäi, d'Zersplitterung vum europäesche Loftraum an dësem Beräich ze reduzéieren.

De virleiende Gesetzestext fixéiert d'Prinzipien, déi d'Ausstellen, de Maintien, d'Anzéien an d'Suspendéierung vun de Fluglotselizenzen an de Stagiaireslizenzen regelen. E berout op deene bestehenden Normen vun der Organisatioun vun der Aviation civile internationale, der OACI, an de Bestëmmunge vun Eurocontrol. Déi international an europäesch Exigenzen a Saache Fluglotselizenz gi mat dësem Gesetz an nationaalt Recht ëmgesat.

Zu Lëtzebuerg ass et d'Administration de la Navigation aérienne, déi d'Fluglotse beschäftigt. D'Formatioun gëtt vum Institut for Air Navigation Services assuréiert. Si gi vun der Direction vun der Aviation civile, der DAC, iwwerwaacht. D'DAC ass am Kader vun der Ëmsetzung vum eenheetlechen europäesche Loftraum schonn am Joer 2005 als déi national Iwwerwachungsautoritéit designéiert ginn. Si ass et och, déi d'Kompetenz besetzt, fir Lizenzen auszustellen, ze refuséiere respektiv anzezielen. Och ass dat déi Autoritéit, déi sech mat der Homologatioun vun de Formatiounsorganismen an hire Programme befaasst. D'Detailer vun dësen Dispositiounen kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ëmsetze vun dësem Gesetz ass urgent, well de Lëtzebuerger Stat schonn den 22. Juli 2008 eng Mise en demeure vun der Kommissioun wéinst Netëmsetze vun der Direktiv krut.

(Interruption)

Zu dëser Mise en demeure kounn dunn den 23. November 2009 och nach en Avis motivé, sou dass mir Gefor lafen, kuerzfristeg finanziell Sanktiounen operluecht ze kréien.

(Interruption et hilarité)

Wollt Der eppes soen, Här Bettel?

(Interruption)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- ...ech stelle just fest, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Ah. Ech wëll dann den Här Bettel nach aschreiwen, Här President. Hie wollt eppes soen.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech stelle just fest,...

► **M. le Président.**- Här Spautz, loosst lech net aus der Rou brénge vum Här Bettel! Fuert elo emol virun!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Scho guer net vum Här Bettel, okay.



Leider huet et bis haut gedauert, bis mer dëst Gesetz zur Ofstëmmung kënnen bréngen, well de Statsrot a sengem éischten Avis zum Gesetzestext vum fréieren Transportminister war esou negativ, dass d'Regierung opgefuerdert gouf, de Projet nach eng Kéier op de Métier ze huelen.

(Interruption)

Ech sinn net am Statsrot.

(Interruption)

Ech hu gesot, de Statsrot.

Den Haaptgrond vun der...

(Interruption)

Schreift den Här Bettel awer an.

Den Haaptgrond vun der oflehnender Haltung vum Statsrot war sécherlech de Fait, dass de gréissten Deel vun den Dispositionen aus der Direktiv iwwer Règlement grand-ducal sollte geregelt ginn an net iwwer Gesetz. Sou zum Beispill d'Kritären an d'Konditiounen vum Ausstellen, dem Maintien an dem Anzéie vun de Fluglotselizenzen an domadder och d'Elementer, déi d'Ausübe vun deem Beruff beschreiwen. An deem Kontext huet de Statsrot och e Recours en réformation fir d'Fluglotse gefuerdert, fir kënnen géint d'Décisionne vun der DAC virzegoen.

Ech wëll och an deem Kontext soen, dass ech als Rapporteur och Entrevuen hat mat deenen zwou Vereenegunge vun de Fluglotsen, fir och mat hinnen doriwwer ze schwätzen, wou ech mam Camille, dee mech dora begleet huet, well dee jo emol fréier do säin Onwiesen... säi Wiese gedriwwen huet.

(Interruptions et hilarité)

► **Une voix.** - An Dir hutt eppes do bäigeleiert, wéi Dir do waart?

► **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.** - D'Dispositionen, déi d'Unerkenne vun enger Fluglotselizenz aus engem anere Memberland regelen, sollen dem Statsrot no och an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Dat gëllt och fir eng ganz Rëtsch vun Definitiven.

En drëtten Punkt, deen de Statsrot opgeworf huet, ass dee vun de Konditiounen an de Modalitéiten iwwert d'Anzéien an d'Uwende vu Redevancen, déi fir Prestatiounen a Relatioun mat der Ausliwwerung respektiv dem Maintien vu Lizenzen an esou weider fälleg ginn. Si sollen och am Gesetz ageschriwwen ginn, genee wéi déi maximal Montanté vun dese Redevancen.

Des Weideren huet de Statsrot de Problem vun den administrative Sanktiounen vis-à-vis vum Prestataire de service aérien opgeworf, déi laut dem Text privatrechtlech Persounen sinn. Hie mécht drop opmierksam, dass dës Servicer am Moment vun der ANA assuréiert ginn. Dem Statsrot no kann de System net goen, well eng Administratioun net enger anerer Administratioun eng administrativ Sanktioun kann operleeën, well se keng Personalitéit juridique besëtzen. De Statsrot hätt souwiesou en anere Regime virgezunn, deen op disziplinäre Sanktiounen berout hätt.

Op déi Observatiounen hin huet de Minister Claude Wiseler eng Rëtsch vun Amendementer ausgeschafft, déi de formellen Oppositiounen vum Statsrot Rechnung gedroen hunn, déi mir an der Kommissioun och duerno guttgeheescht hunn. Esou sinn déi betreffen Artikelen iwwert d'Definitiv, d'Dispositioun zu de Fluglizenzen, d'Bestëmmungen iwwert d'Reconnaissance mutuelle vun de Lizenzen an d'Dispositionen iwwert d'Homologatioun vun de Formatiounsorganismen aus dem Règlement grand-ducal an d'Gesetz geschriwwen ginn. Och gëtt de Recours en réformation virum Tribunal administratif agefouert.

Wat d'Festleeë vun der Redevance an de maximale Montant betrëfft, esou koumen déi net an d'Gesetz stoen. D'legal Basis fir déi zwee Punkten ass nämlech schonn am Artikel 7, Paragraph 3 vum modifizéierte Gesetz vum 5. Juni 2009 iwwert d'Reglementatioun vun der Luftfahrt ginn.

Beim Punkt vun den administrative Sanktiounen dréit d'Kommissioun dem Statsrot net Rechnung. Et stëmmt, dass souwuel d'ANA wéi d'DAC darselwechter Person-

nalité juridique, dem Stat, ënnerleien. Dat ass awer net de Fall fir all aner Prestataire de service, deen ënnert d'Kompetenz vun der DAC fält, respektiv de Fall, wann d'ANA op en anere Prestataire de service géif zrëckgräifen. Ausserdeem ass eng grouss Partie vum Lëtzebuerger Loftraum schonn am Belgacontrol respektiv Eurocontrol delegéiert, déi ënnerschiddlech juristesche Personalitéiten besëtzen.

Ausserdeem baséiert de ganze legislative Kader vum eenheetlechen europäesche Loftraum op enger strikter Trennung tëschent de Prestatairen an de Servicer vun der Regulatioun. Och d'Direktiv, déi mir sollen ëmsetzen, fuerdert en Dispositif vu Sanktiounen, dee proportionéiert, effektiv an zugläich ofschreckend ass. Wéinst all deene Grënn huet d'Kommissioun decidéiert, beim initialen Text ze bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetz kréien d'Fluglotsen elo endlech eng Lizenz ausgestallt, mat där se europawäit operéieren kënnen. Et gi kloer Richtlinnen opgestallt, no wéi enge Regeln een de Beruff vum Fluglotse kann ergräifen. Et ass probéiert ginn, e gudden Équilibre ze fannen tëschent den Dispositionen, déi an d'Gesetz gehéieren, an den Ausféierungsbestëmmungen, déi per Règlement grand-ducal arrétéiert ginn, wéi zum Beispill d'Qualifikationsbedéngungen. Dat ass wichteg a bréngt och eng gewësse Flexibilitéit mat sech, well op dës Aart a Weis den nationale Spezifisitéit Rechnung ka gedroe ginn.

Ech muss awer drop hiweisen, dass eng kleng Erreur matérielle an de Projet eragerutscht ass. Mir hunn am Paragraph 2 vum Artikel 7 bei „associés“ en „es“ vergiess. Mir hunn do geschriwwen „és“, a mir hätte misse schreiwen „ées“. An op déi Erreur matérielle wollt ech hiweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och da soen, dass vun eiser Säit aus fir all déi aner Saachen de schrëftleche Rapport nach ëmmer do ass, an dee kënnt Der consultéieren. An ech wëll och an deem Fall d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

► Plusieurs voix.

- Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur fir déi ganz komplett Beschriewung. Den Här Kartheiser wëllt awer och nach zousätzlech derzou eppes soen, duerfir kritt en d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hate gëschter scho gesot, datt d'Regierung elo eng ganz Rei Projeten iwwert de Knéi brécht. Hei hu mer och erëm esou e Projet, dee ganz laang leie gelooss ginn ass an deen dann op eemol, well dann eng Rei vu Sanktiounen méiglech sinn, ganz séier op den Instanzewee geschéckt an e bëssen iwwert de Knéi gebrach gëtt. Mir hätten eis op jidde Fall gewënscht, datt net dee Prinzip hei gegollt hätt, toute la directive et rien que la directive, mä datt e bësse méi iwwerluecht gi wär, ier dee Projet hei elo als Gesetzesprojet eis virgeluecht ginn ass.

D'ADR ënnerstëtzt déi allgemeng Zilsetzung vun dëser Direktiv a si seet och dem Här Rapporteur Merci fir säi wierklech ganz komplette Rapport. Trotzdeem denke mir, datt déi Direktiv net gutt verhandelt ginn ass an och elo net gutt ëmgesat gëtt. Mir soen, an dat ëmmer erëm, datt mir net hei zu Lëtzebuerg eng Kolonie vun iergendengem sinn, och net vun der Europäescher Kommissioun!

Leider si mer net an där parlamentarescher Kommissioun, déi dee Projet hei behandelt huet, soss hätte mer eis Kritiken do scho kënnen virbréngen. Ech soen dat just als Hiweis op all déi, déi elo mat eise Propositionen konfrontéiert sinn, fir dëst Parlament méi demokratesch ze organiséieren. Et ass an eisen Ae wichteg, datt hei all Parteien an de Kommissiounen kënnen duerch en offizielle Vertrieeder representéiert sinn.

Elo zrëck zu deem Projet. Mir wëllen hei keen Text ëmsetzen, deen zwar englesch Sproochkenntnisser verlaangt, wat am Beräich vun der Aviatioun jo selbstverständlech noutwendeg a richtig ass, mä deen awer eis Nationalsprooch mat

kengem Wuert ernimmt. D'Liewen an der Aviatioun ass net nëmmen op Englesch. Zum Beispill sinn déi intern Volen a méi grouss Länner selbstverständlech och an där jeeweileger Landessprooch. An e Lëtzebuerger Pilot, deen op Bitburg flitt, dee mellst sech do op Däitsch un.

Eis Sportpiloten heiheem schwätzen dacks Lëtzebuergesch mam Tower, quitte datt vill englesche Jargon do mat dran ass. Mir als ADR verlaangen dowéinst, datt déi Leit, déi bei eis de Loftverkéier kontrolléieren, net nëmmen Englesch mä och Lëtzebuergesch schwätzen. Zemoos an Noutsituationen ass et wichteg, datt et keng Sproochbarrière gëtt. Mir wëllen net, datt et eise Pilote geet wéi eiser Regierung - si schwätze mateneen, mä si verstéi sech net - a si steieren op eng Brochlandung zou, nodeem se sech ënnerwee veriert hunn!

Déi Leit, déi heibannen esou vill Wäert nëmmen op Englesch leeën an esou mann Wäert op eis eege Sprooch leeën, déi fuerdere mir emol op, mat richtigen „native speakers“ ze schwätzen an ze funken, an da wäerte se mierken, wéi schwéier dat ass a wéi mann een heiansdo versteet!

Natierlech mussen déi Prozeduren, déi vun internationale Vole matgehéiert a matverstanen musse ginn, op Englesch oflafen, mä villen anescht brauch dat awer net. Natierlech kënnen eis Lëtzebuerger Piloten och alleguer Englesch. Dat heescht awer net, datt si dat och ëmmer mussen oder wëlle mam Findel schwätzen. D'ADR begreift dowéinst den Avis vun der Chambre des Salariés, déi jo - wéi mir och - Wäert drop leet, datt all Loftkontrollen och soll, niewent Englesch, déi national Sprooch vun deem Stat schwätzen, op deem sengem Territoire säi Bezugsflughafen läit.

Här President, Dir kennt déi zuverlässeg Linn, déi d'Politik vun der ADR an där heiter wéi och an anere Froen auszeenchent. Mir stëmme kee Projet, an deem d'Interesse vun eiser Sprooch an eisem Land net genuch berücksichtegt ginn. A well d'CSV an d'LSAP och an deem Gesetz alt nees eng Kéier kee Gedanke fir d'Lëtzebuerger Sprooch iwwreg haten, soe mir en däitlechen Neen!

Ee lescht Wuert nach, Här President, zu deem, wat mir mengen, wa mir soen, datt dës Koalitioun d'Gesetz iwwert de Knéi brécht.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Mayday, mayday!

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - D'Chambre des Fonctionnaires... Här Bettel, et wär ganz gutt, wann Dir d'Chamber géift manner mat engem Kabaret verwiesselen!

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Wann een Iech nolauschtert, dann ass dat schwéier.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ee lescht Wuert nach, Här President, zu deem, wat mir mengen, wa mir soen, datt dës Koalitioun d'Gesetz iwwert de Knéi brécht. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics beklot sech doriwwer, wéi hir wichteg Dokumenter einfach onkohärent zougeschoustert goufen a wéi hire Rôle als berodend Instanz vun dëser Regierung mësuecht gëtt. Si huet vollkomme Recht! Si beschreift eis och, wéi een Duercherneen...

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech sinn direkt fäerdeg, Här President. Si beschreift eis och, wéi een Duercherneen an der Terminologie existéiert, déi d'Regierung a juristesche Formulatiounen gebraucht, grad do, wou et keng Onkloerheeten däreft ginn!

Här President, Dir hutt mech invitéiert, fäerdeg ze sinn. Da kann ech just nach derbäi soe fir d'Kollege vun der CSV, datt dee séchere Wee net dee vum Hotel op d'Plage ass! Mir hätten eis gewënscht, datt d'Chamber méi laang zesummebleift, fir iwwert d'Gesetz kënnen anstänneg ze diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

► Une voix.

- Très bien!

► **M. le Président.** - Da kritt elo nach

den Här Nohaltegkeets- an Transportminister Claude Wiseler d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Ganz kuerz, fir ze soen, datt ech net mengen, datt deen Text hei iwwert de Knéi gebrach ginn ass, well hei hu mer eng ganz laang Aarbecht schonn dru gemaach.

Deen Text, deen ass virun de leschte Wahlen déposéiert ginn. Zu deem Text ass den Avis vum Conseil d'État am Dezember 2009 komm. Duerno ass den Text fundamental ëmgeännert ginn. Mir haten eng ganz Rei Kommissiounssätzungen, wou déi Saachen hei an allem Detail duerchdiskutiert gi sinn.

Et ass en zweeten Avis vum Conseil d'État komm, deen an den Text integréiert ginn ass. Esou datt ech mengen, datt mer dovunner ausginn a sécher sinn, well ech déi Saach jo enk suivéiert hunn an an all Kommissiounssätzungen, wou iwwert dësen Text geschwat ginn ass, war, datt mer do eis Aarbecht uerdentlech a korrekt gemaach hunn, souwuel d'Regierung wéi all déi Deputéierten, déi an der Kommissioun waren.

Des Weidere wësst Der, datt déi ANA, iwwert déi mer momentan hei schwätzen, déi also déi Fluglotsen hei astellt, eng staatlech Administratioun ass, wou selbstverständlech och fir d'Sproochkenntnisser déiselwecht Regele gëllen, fir d'Leit anzestellen, déi Leit, déi Fonctionnaire ginn. Sécher ass, datt mer och hei an där Administratioun eng Rei Experten hunn an datt een déi Experten och brauch, fir op eng Rei prezis technesch Punkten anzegoen, déi déi Administratioun och als Know-how muss hunn. Do sinn net déi Sproochkenntnisser verlaangt. Bei dem Rescht vun de Statsbeamten ass dat anescht.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Wéi den Här Rapporteur Marc Spautz eis opmierksam gemaach huet, ass am Artikel 7, Paragraph 2 eng Erreur matérielle. Et ass also do ze liesen: «...s'il est constaté que les licences, les qualifications ou les mentions associées - „ées“ - ont été obtenues à l'aide de déclarations inexacts ou par l'usage de moyens frauduleux». Fin de citation.

Mir stëmme elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État dës Ännerung schrëftlech matdeelen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration.

De Projet de loi 6056 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme, géint 4 Nee-Stëmme.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6056 est adopté par 56 voix pour et 4 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Roger Negri), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand



Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

M. André Hoffmann.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6096 iwwert d'Wäschmëttel. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Etgen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Raymond Weydert. Här Weydert, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

(Interruptions et hilarité)

7. 6096 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 juillet 1986 portant réglementation de la mise sur le marché des détergents

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Raymond Weydert** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, iwwert dee mir haut schwätzen, ass den 23. Dezember 2009 vum Innenminister deposéiert ginn. Den 18. Februar dëst Joer huet d'Chambre de Commerce en Avis dozou ofginn. An den Avis vum Statsrot datéiert op den 9. März 2010. De 6. Mee 2010 sinn ech vun der Chamberskommissioun zum Rapporteur vum Gesetz ernannt ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Raymond Weydert** (CSV), *rapporteur.*- Den 28. Juni hunn d'Membere vun der Kommissioun den Text presentéiert kritt, an dobäi gouf den Avis vum Statsrot analyséiert. Op dësen Avis hin huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl. Dës Amendementer sinn de 6. Juli vum Statsrot aviséiert ginn, an deem Dag drop konnt d'Kommissioun de Rapport unhuelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, wourëms geet et hei an deem Text? Den 31. März 2004 huet d'Europaparlament d'Reglement CE N°648/2004 betreffend d'Détergents, also d'Botzmëttel, ugeholl. Dëst Règlement féiert keng nei Regelung am Beräich vun de Botzmëttelen an, mä ersetzt am Wesentlechen zwou héich technesch Direktiven aus de fréie 70er Joren, mam Zil, an engem eenzegen Text méi kloer an effikass ze sinn.

Zwou europäesch Direktiven aus dem Joer 1973 - ech erspueren lech d'Nummere vun den Direktiven - haten als Zil, engersäits d'Gesetzgebung an de Memberlänner an de Beräicher vun de Botzmëttelen ze harmoniséieren an anersäits d'Kontroll vun der Biodégradabilitéit vun de sougenannten Agents de surface anioniques ze regléieren.

Déi zwou Direktive sinn ëmgesat ginn duerch d'Gesetz vum 8. Juli 1986 portant réglementation de la mise sur le marché des détergents an dem Règlement grand-ducal vum 9. Juli '86 relatif à la biodégradabilité des agents de surface anioniques et non ioniques, déi an de Botzmëttelen enthalen sinn. Infraktiounen heigéint gi mat Peines pénales bestrooft. Wann ee vun lech méi wëllt iwwert dëst Gesetz vu '86 gewuer ginn, verweisen ech deem op mäi

schrëttleche Rapport, an deem ech méi am Detail heirop agaange sinn.

Spéiderhin ass op europäeschem Plang d'Reglement N°648/2004 ugeholl ginn, dat awer leider net am Grand-Duché an nationaalt Recht ëmgesat gouf. Fir de Contenu vun dësem Règlement verweisen ech lech nach emol u mäi schrëttleche Rapport. Dat Ganzt ass méi technesch, esou datt ech hei net wëll weider dorop agoen.

Erlaabt mir awer just e puer Erklärungen. Dat neit Règlement erlaabt e bessere Schutz vun eisem Environnement aquatique oder eise Gewässer géint verschidde chemesch Substanzen, déi an de Botzmëttelen enthalen sinn. Déi nei Législatioun gëtt méi streng an deem Sënn, datt d'Détergente musse méi effikass getest ginn op hir biologesch Ofbaubarkeet hin. De Verbraucher gëtt och geschützt géint Substanzen, déi Allergien kënnen erviruffen. Ee verbesserten Étiquetage muss de Konsument och iwwert de Contenu vun de Botzmëttelen informéieren.

Dëst waren elo e puer kuerz wichteg Punkte vum Règlement. Wéi gesot, kënn Dir den Detail gären a mengem Rapport respektiv dem Règlement selwer noliesen. Allerdéngs, wéi schonns ugedeit, huet Lëtzebuerg d'Reglement nach net ëmgesat. Aus dësem Grond huet d'Kommissioun de 5. Mee 2008 e Recours en manquement géint Lëtzebuerg agereecht.

► **Plusieurs voix.**- Schonns nees!

► **M. Raymond Weydert** (CSV), *rapporteur.*- Méi genau kréie mir virgeworf, datt mir d'Sanktiounen, déi am Artikel 18 vu besonnem europäeschem Règlement virgesi sinn, net applizéieren. Dësen Artikel beseet, datt d'Memberlänner mussen «des sanctions dissuasives, efficaces et proportionnées, à appliquer en cas de violation» unhuelen.

Duerch den Arrêt vum 24. März 2009 huet d'Cour du Justice festgehalen, datt Lëtzebuerg doduerch, datt mir net an deenen néidegen Délaien d'Reglement ugeholl hunn, sengen Obligatiounen net nokënn. Dir gesitt also, datt et extrem wichtig ass, datt mir dëst Gesetz elo esou séier wéi méiglech stëmmen, fir d'Gesetz vum 1986 ofzeänneren. An engems sinn dann nach e puer Dispositiounen abrogéiert ginn, déi en Double emploi maachen oder incompatibel si mam Règlement communautaire.

Dem Statsrot säin Avis ass, wéi schonns aganks gesot, vum 9. März 2010. Déi héich Kierperschaft hätt léiwer gehat, datt d'Gesetz vum 1986 formell abrogéiert gi wier an duerch en neien Text ersat gi wär, well nämlech eng ganz Rei vun Articlele geännert oder ofgeschaaft ginn. Ech ginn elo net op déi eenzel Aussoe vum Statsrot zu allen Artikelen an, wëll awer just soen, datt a sengem Avis zwou Oppositions formelles stinn.

An den Ae vum Statsrot violéiert den Artikel 10 vum Projet de Prinzip vun der Inviolabilitéit vum Domicile, esou wéi se am Artikel 15 vun eiser Verfassung virgesinn ass. De Statsrot opposéiert sech och dem Artikel 13 aus Grënn vun der Hiérarchie des normes. De Règlement grand-ducal ka just vum Pouvoir réglementaire ofgeschaaft ginn an net vum Pouvoir législatif.

Op dësen Avis hin huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi den Observatiounen vum Statsrot Rechnung droen. Esou gëtt zum Beispill den ursprënglechen Artikel 1, deem déi héich Kierperschaft als iwwerflësseg ugesäit, fale gelooss. Den initialen Artikel 10 gëtt an deem Sënn ofgeännert, datt der Opposition formelle vum Statsrot a puncto Inviolabilitéit vum Domicile Rechnung gedroe gëtt. An den Artikel 13 initial gëtt fale gelooss, esou wéi de Statsrot et gefuerdert hat. Déi héich Kierperschaft hat dann och an hirem Avis complémentaire vum 6. Juli keng gréisser Problemer méi mam Text.

Wéinst der Urgence, déi ech virdru beschriwwen hunn, an och, well et gutt ass, datt mir eis Législatioun am Beräich vun der Réglementation vun den Détergents upassen, bidden ech lech, dëse Projet ze stëmmen. Ech kann hei och den Accord vu menger Fraktioun ginn a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Raymond Weydert. An elo hëlt nach ganz kuerz d'Wuert den Här Etgen.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Propretéit an Hygiène hunn d'Liewensqualitéit an d'Liewenserwaardung vun de Leit entschuedend verbessert. Mir hunn de Choix tëschent dausende Wäsch- a Botzmëttel. Si ginn dagdeeglech a grouse Quantitéiten tonneweis an den Haushalter, an de Betreiber, an der Industrie agesat. A well et esou eppes Alldeegleches ginn ass, gi méiglech Gefore fir Ëmwelt a Gesondheet dacks ënnerschat.

Fir d'Ofwaasser net ze vill ze belasteschen, heescht et, spuersam mat dëse Produkter ëmzegoen. Méi Wäschmëttel heescht net méi propper. Wichteg ass virun allem déi richteg Uwendung. Et gëllt, net mat Kanounen op Spatzen ze schéissen.

(Brouhaha)

Niewent der Ëmweltbelaschtung sinn eng Rei Stoffer an de Botz- a Wäschmëttel d'Ursach vun enger gesondheetlecher Belaschtung fir Allergiker. Si kënnen verschidden Allergien auslösen oder verstärken. Aus all deene Grënn ass et duerfir wichtig, datt jiddwereen et als seng Pflicht ugesäit, bei sech selwer een Autocontrôle ze maachen.

Dat ass och Sënn an Zweck vun der Direktiv 648 vum 2004, déi véier Haaptziler huet: D'Produitë musse biologesch ofbaubar sinn, d'Verbuet vun dëse Produiten, d'Étiquetierung, an do abegraff d'Mentioun vun Duftstoffer, déi Allergien auslösen kënnen, Informatiounen vum Hiersteller fir d'Autoritéiten a medezinescht Personal.

Et ass also eng wichteg Direktiv; eischtens fir eng gutt Waasserqualitéit ze garantéieren an zweetens fir d'Gesondheet vun de Leit ze schützen. An duerfir ass et onerklärlech an onverzeihlech, datt d'Regierung alt nees eng Kéier, jo, alt nees eng Kéier huet misse vun der Cour de Justice verklot ginn, fir dës Direktiv ëmzesetzen!

(Interruptions diverses)

Här President,...

► **M. le Président.**- Ech bidden lech wierklech, dem Här Etgen nozelauschteren!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- ...wéi wëlle mer de Leit dobaussen dëst erklären,...

(Interruptions diverses)

...wéi wëlle mer d'Leit besser sensibiliséieren a si besser informéieren an esou enger wichtiger Thematik, wa mir hei am Haus eis legislativ Hausaufgaben net maachen? Wéi wëlle mer hinnen erklären, datt d'Décisiounen op EU-Niveau geholl ginn an da sechs Joer laang net ëmgesat ginn, bis op dee Punkt, wou mer alt nees eng Kéier veruerteelt gi sinn?

(Interruptions diverses)

Dës Direktiv ass een Deelelement vun enger integréierter neier Waasserpolitik, mat engem staarken Akzent op den ekologeschen Aspekt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- D'Zilsetzung ass kloer definéiert, eng Waasserpolitik op héijem Niveau. Fir dës Ziler ze erreechen, ass et awer wichtig, datt mer prezis an engem verbindlechen Zäitraum reglementéieren, an d'Leit musse sensibiliséiert ginn. D'Lëtzebuurger Regierung deet sech an der Waasserpolitik schwéier, fir hiren Hausaufgaben nozekommen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, de Rapporteur, de Kolleg Raymond Weydert, war komplett an äusserst prezis iwwert d'Modifikatiounen am virleiende Projet. Duerfir brauch ech net op de Projet anzegoen, wëll awer dem Rapporteur een opriichtege Merci fir säi prezisen, sachleche schrëttleche Rapport wéi och fir säi mëndleche Rapport auschwätzen.

Här President, als Demokratesch Partei wëlle mir d'Bierger a Betreiber drop hiweisen, datt eng ekologesch Waasserpolitik eng Plus-value fir eis Gesellschaft ass, an duerfir wäerte mir selbstverständlech och

den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Ech mengen, elo ass alles gesot. Den Innenminister huet awer och nach eppes derbäizefügen.

(Brouhaha)

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären - Här President, ech maachen net den Ordre du jour. Ech sinn awer frou, dass ech haut nach drukomm sinn a mech kuerz zu dësem och wichtege Projet ka positionéieren, kuerz, well eischtens emol fir der Chamber Merci ze soen, dass dëse Projet esou schnell evakuéiert ginn ass, an och dem Rapporteur fir säi gudde mëndlechen a schrëttleche Rapport, awer och fir am Fong geholl dat, wat elo justement dee leschte Riedner gesot huet, e bëssen ze relativéieren.

Well ech sinn der Meenung, dass an der leschter Zäit déi Lëtzebuurger Regierung, an doriwwer eraus d'Chamber - well et ass ëmmer eng Aufgab, déi mer zesumme maachen, besonnesch am Waasserberäich, wou d'Co-responsabilitéit bei de Gemengen läit; ech kann nach kuerz dorop agoen -, mä ass et wichtig, datt mer zesummen eis konforméieren mat der EU, mat der EU-Législatioun.

Ech géif soen, dat Wuert, wat Der gesot hutt, Här Etgen, eng Politik op héijem Niveau: Et ass ugaange mam Waassergesetz vum 2008, duerno hu mer och notament hei an der Chamber zwee wichteg Gesetzer vu Perl-Bech, a vu Mäertert-Waasserbëlleg-Gréiwemaacher gestëmmt, déi et och elo méiglech maachen, dass eis Kläranlagen op der Musel, dass déi am Fong geholl gekläert sinn. Mir hate kierzlech an der Regierung e Projet vu Règlements grand-ducaux iwwert de Schutz vum Grundwaasser géint d'Pollutioun an d'Gestioun vun Iwwerschwemmungsrisiken. Dir gesitt also, dass mer do um richtige Wee sinn, dass mer eis do gutt konforméieren.

Ech wëll awer och op ee Problem hiweisen, dee mer hunn. Dat ass deem, eis ze konforméieren zu enger Direktiv vun 1991 betreffend d'Kläranlagen iwwer 10.000 Awunnergläichwäerter, an dat si Kläranlagen, déi d'Gemengen bauen, zesumme mam Stat. An do muss ech soen, do kréie mer awer nach ëmmer Daten, an dat ass eng Geschicht, Här Etgen, do ass net eleng d'Regierung schëlleg, mä och déi aner Stakeholderen oder déi aner Représentantë vun eisem Land; dat sinn dann eis Gemengen.

An do muss ech soen, hu mer an deem Beräich nach véier Kläranlagen, déi mer mussen nach konforméieren; et ass d'Kläranlag vun der Bleesbréck, déi vu Beggen, déi vu Péiteng an déi vu Miersch. Do musse mer also, wa mer wellen eng nohaltig Politik maachen, déi ëmsetzen. An do hu mer jo en Instrument, dat ass dee sougenannte Bewirtschaftungsplang, op deem ech awer haut net wëll agoen, wou mer nach vill Méiglechkeete kréien, doriwwer ze diskutéieren.

Ech wëll der Chamber awer matdeelen, dass mer an deene leschte Joren, an de leschte véier Joer vun 2006 un hu mer 200 Milliounen investéiert; wann ech kucken, vun 1989 u si 510 Milliounen investéiert ginn. Dat si vill Suen. An dat beweist awer, dass sech d'Ausgaben, d'Investier an dësem Beräich, dass déi an d'Luucht ginn, a bis 2015 wäerte mer nach missen 390 Milliounen investéieren. A wa mer dee ganze Moossnameprogramm oder Bewirtschaftungsplang wellen ëmsetzen, dat kascht eis als Land 1,19 Milliarden.

Dëst Gesetz also schreift sech an déi global Démarche an. An et ass e weidere richteg Schrëtt an eng richteg, an eng wichteg, oder wéi den Här Etgen et gesot huet, an eng Waasserpolitik op héijem Niveau hei zu Lëtzebuerg. En Opruff also: Paakt eng Hand mat un!

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech hunn nach eng kleng Fro.